

Rapport iwert eng Entrevue, déi eng Delegatioun vum Föderatiounscomité den 14.9.1973 (Freideg) am Staatsministère mat de Ministere Pre Werner an G. Thorn haten.

D'Délégatioun vun der Féd. huet sech zesummegeat aus de Komeroden Jos. Weirich, Welter Raymond, Jacob Benny a René Frascht.

Agangs vun der Entrevue huet de Werner gesot, hien hätt grouss Noricht ze gin. Well se d'Enrôlés interesséiere géing, wöllt hien hinnen se soen, éier déi aner se erfueren. Dir wösst, mir wunnen an engem verénegten Europa. Vill Letzeburger fuuren haut erem an Däitschland. E schwätzt vun Wirtschaftspartner a Partnerschaft. Letzeburg wär Europastaadt etc... etc... Ongeféier eng Véirelstonn riéd hien dorop rondremmer, esou dat de Weirichs J. bei sech geduecht huet, de Werner giew soen, si hätten irgend en Arrangement mat de Preisen errécht. Mais dun huet en hinne gesot, den Heinemann géiw no Letzeburg kommen. Mais wéini dat wier, huet en net gesot.

Weider sot en dann nach, déi nächst Woch géiw dat gläichzäiteg zu Bonn an zu Letzebuurg bekannt gemäch gin. (Méndes, den 17.9.73 stor et an der Tagespress,)

D'Délégatioun vun den Enrôlés, duurch säi Spriecher J. Weirich, sot d'Ministernen giewen d'Situatioun komplett verkennen. D'Enrôlés könnten net akzeptéieren, dass den Heinemann no Letzebuurg kéim, or dass eise Problème endlech geléisst wir, an dat nach virun der Staat visit. Wann dat net esou wier, da missten d'Enrôlés protestéieren. Et ass des Staatsvisite eng Brausfuorderung un d'Enrôlés, un d'Letzburger tout court! D'Preisen behapten haut nach emmer, Zwangsanzéihung wir ké Crime de guerre.

Dorops an den G. Thorn intervenéiert an huet se verdédegt. D'Preis soen net, et wir ké Crime de guerre gewiescht. Mais si gestinn an dat et é wor. Si sin nemmen net dermat d'accord, wann et em d'Bezuele géht. Si wiren och net dermat d'accord, d'Enrôlés als Nazi-Affer unzerkennen, well si net könnte bezuelen.

huet En dann d'Gesetz vun 1952 (preisescht) ausenaner geluecht, a gemeng eiser Delegatioun kloor missen ze machen, wat doraner stéing, a sot Déi Däitsch können nemmen dat entschiédegen, esou an ewéi et am däitsche Gesetz verankert ass! An do spillt dann Bundesentschädigungsgesetz (B.E.G.), dat virun 1952 läit. Dem Gesetz nD wiren nuren 3 Katégorien vun Crimen ze entschiédegen, a.z. d'èr, déi aus rassischen, religéisen a weltanschaulichen Ursächen vun den Nazien als Verbréichen ugesin gouwen.

J. Weirich: Wat ech mech froen, de KZler, fir wat get dién dann enschiédegt, wann en hei geholl gin ass. Politesch ass jo net dran? Wéisou sin déman hir Leit enschiédegt gin, déi erschoss gouwen, déi de Jongen am Krich gehollef hun? Do ass dach eppes faul!

Dorpps den Thorn: "Dir kennt èr Dossiers'en net!"

J.W.: Ech hu gemengt "politesch" wär och an dem Gesetz.

Thorn a Werner: "Nén, politesch ass net dran!"

(A Wiérklechkét ass am preisesche Gesetz festgehalten, dass Leit, déi vun den Nazien wéinst sougenannten politeschen, rasseméissegen an weltanschauliche Crimen veruertelt gi waren, ze entschiédege sin wann se liewen, wann se doud sin, da géht d'Entschiédegung un déi noste Famill.)

Et gong hin an hir, op an of. E Moment huet den Thorn gesot, d'Preisen bräichten jo dann nemmen ze déclaréieren, dass den Enrôlement de force e Crime de guerre wir. An dat könnt én jo dann och unhueler

Op desem Punkt krut de Weirichs Jos et mat der Angscht ze dun.

Elo sin se am Gång irgend e Compromis anzegoen, dén hannenno nés eng Fâl, nei Nodéler fir d'Enrôlés matsehbrenge. Hei héscht et verdeiwelt oppassen. Et muss e genéen Ennerschéd gemach gin,

teschend Krichsverbriéchen an Nazi-Verbriéchen, teschend Krichsaffe an Nazi-Affer. Während dat éischt tatsächlech ennert de Moratoire vu London fällt, an eréischt dann entschiédegt soll gin, wann e Friddensvertrag mat Däitschland ofgeschloss get, sin déi zwét, Nazi-Affer no dem préseschen BEG ze entschiédegen. Am Gebrauch vun dèr nun ében bestehender Terminologie muss é ganz viersichteg sin. Zwangsanzéihung vu Letzeburger ass e Krichsverbriéchen, mais doriwe eraus och nach en Nazi-Verbriéchen.

De Werner behapt: "Dir sit "victimes patriotiques"!"

J.W.: "Ma da brauch dir jo nemmen nach ze bezueln, a.z. op Grond vun dénen 1500 Frang!" Dat wir jo dann nuren nach eng Affär steschend der Letzeburger an der Bonner Regierung. Déi zwé bräichte sech jo nemmen nach z'arrangéieren. Dat wär jo dann d'Léisung!

Thorn: D'Preise gin mat Absicht net un den Term Nazi-Affer. Well wann si Nazi-Affer soen, da soe mir Letzeburger direkt, si misste bezuelen. Dat wir déi eigentlech Ursach, firwat se sech zu Bonn just längscht Nazi-Affer drecken.

J.W.: Mais esou, wéi d'Affären elo stin, misst Letzeburg Bezuelen. D'Letzeburger Regierung ass an eis Rechter agetritt. Kén wöllt d'Enrôlés als Nazi-Affer unerkennen. An dohir de Refus, de part et d'autre, fir ze bezuelen.

Dun gouw de Werner ganz bockeg. "Ah nén! Dir hut gesot an dir hut geschriwen, dir hätt keng Fuerderung un de Letzeburger Staat!"

J.W.: "Dat ass net wouer! Ons Fuerderungen können sech nemmen un de Letz. Staat richten. A wann dat net esou ass, da gin ech meng Démissioun als President."

Werner: "Wann dat esou ass, da gin ech mäin Dossier sichen."

E gong en awer net sichen, bis spéider, well dun d'Diskussiounen emmer méi hårt a méi schârf gi sin. D'Stimmung ass emmer méi gespânt gin. ~~Reigem~~ sin se opgesprongen, bâl der Werner, bâl den Thorn dén doruechter am Zëmmer gelâf ass an sech de Schwés ofgebotzt huet. Den Thorn huet dem Jos gewenkt, ass ewéi wann e soll bei de Werner mâchen.

No längem Hin an Hir, ass de Werner dann dach säin Dossier siche gâng. Esou^{en} Dir hannert sech zou hat, sot den Thorn: "En ass elo tockech. Zenter 5 Minuten ass de Rideau zou. Mais versich du (gemengt huet en den Jos. W., dén, trotz allem ~~Nifer~~ vum Gefecht, senge Oueren net méi gegléft huet trauen ze können) en ze zössen a pâk en en e bes'che méi douce un, da géht et an d'Reih!"

(Wéi glungen. Dé selwechten Owend, esou sét de Fraschte Ren, huet zu senge Parteifrenn gesot, si missten en nach vill méi hårt unpâken.)

De Werner koum dann erem an de Setzungsall, an huet triumphéiert: Hei stéht et, schwarz op wäiss: "D'Enrôlés hun këng Fuerderung méi un de Letzeburger Staat."

Jos. W.: Ech muss soen, an dém Ament war eis Positioun net grâd ganz stârk. Mir hätten dén Text do net enner Hänn. A sin da stuur op eiser Positioun bliwen: Letzeburg muss bezuelen. Mais d'Regierung ass verpflichtet dat Geld, déi Créance bei de Preisen eranzedren.

(Hei dann elo dén inkriminéierten Text. "Les Sacrifiés" 2/1967 S.3

"Erste Feststellungen zu dem neuen Gesetz"

".....eine Tätigkeit, die nun durch die Bestimmungen des neuen Gesetzes mit einem teilweisen Erfolg abschliesst,...."

"Objektivitätshalber muss festgehalten werden, dass das neue Gesetz den Enrôlés nicht die Genuchtung gibt, die sie sich wünschten; an der anderen Seite werden aber manche ihrer Forderungen realisiert. Diese sind hauptsächlich solche, aus denen dem luxemburgischen Staats keine allzu grosse finanzielle Belastung entsteht. Letzteres ist denn auch im Sinne der Zwangsrekrutierten, die ihre ~~Forderungen~~ finanzielle Forderungen immer und nur an die Bundesrepublik richten."

De Werner sét, hien géing net néi hannert seng Wieder. Ech ging och net me hannerun dat, dat ~~ech~~ⁿ der Fédération an sengem Bréif geschriwen hätt. (Bréif vum 28. Mé 1970, püblizéiert am Bulletin 4/71, S. 4+5.) De Werner géht nach emol des Längen an des Bréden op all dat an, wat en schon doran geschriwen; nén, hien ännert guer näischt méi um Krichsschiédegesez, well hien hätt et 1. net gemát an 2. géing en haut kén Députéierte fannen, dé ^{hin} mir eng Aennerung stömme géing.

J.W.: Ma lösst et drop ukommen!

(E behöllt sech gené, wéi d'Preisen. Si hu kengem vun eis eppes gedoen!)

Werner: No Art. 30 vum DdG-Gesetz könnten der haut nach emmer ausbezuelt gin.

J.W.: "Ass e Refraktär en Nazi-Affer?"

Werner: "Jo."

J.W.: Ech awer nemmen 250 Frang de Mount kritt.

De Werner sét, hien hätt Härtefäll erlédege wöllen. Z.B. fir déi Tambower Mais 1967 wär d'Chamber an d'Enrôlés dergéint gewiescht. (Démols wollt de Werner Kascht a Sold vun enger éventueller Entschiedegung ofhalen.)

Mais trotz allem wir hien nach emmer berét fir eppes ze mächen.

D'Délégatioun huet en oder déi béid Ministären drop opmierksam gemäch, dat démols wéi de Streik war, et der méschtens vun déne spéideren Enrôlés waren, déi derbäi waren. Déi net gezekt hun fir de Kapp duerzehalen, an déi sech offen géint d'Preisen opgeworf hun, wouvun dann am Endeffekt kén aneren méi profitéiert hätt, wéi d'Exil-Regierung, déi zu London soutz an déi mat hierem dommen: Jongen, läft iwer! zu allem Iwerdross der dausenden an den Doud gejoht huet. Wéin dann do d'Responsabilitéit droe géing? Du gouw de Werner ganz quésch. An den Toun nach méi hårt. Mat déne Geschichte sollte mer apâcken. Am Géigendél, mir all sollte frouh sin, dass mer déi zu London haten. Wa mir, déi hei am Misère waren, esou huet de J.W. geäntwert, mir de Kapp net duergehalen hätten, carément refuséiert hätten eis Anzéihen ze lössen, dann hätt kén ~~weder~~ an der Welt vu Letzebuurg geschwät, a méi wéi secher wär ké Stén um aneren hei zu Letzebuurg bliwen. An déi Téinerten hätten zu London bleiwe können. Weider wollt de Werner eiser Délégatioun weiss mächen, d'Enrôlés wire gené ausbezuelt gin, wéi déi aner. Et wär nemmen en aneren Modus ugewandt gin. Un Hand vun Beispiller war^{ik} eng Lichtegekét fir him dat ze widerléhen, fals ze mächen.

Werner an Thorn géiwen nach weider kucken, dat de Problème mat de Preiser an d'Reih géing. Allebéid hun se sech net gin ze widerhuelen, dass, wann den Heinemann no Letzebuurg kéim, näischt définitiv wär. Et géiw kén définitive Streck enner den Enrôlés hir Affär gezun gin. Villméi wär de Staatsbesuch eng weider gudd Gelégenhét, fir driwer ze schwätzen. Vläch!vläch!..... dach nach, etc.... etc.... Alles läng ofgedreshhen Lëieren!

J.W.: Et ass jo fir ze lächen, oder sollt ech soen, fir ze kräischen. De Scheel huet gesôt, eng Entschiedegung könnt net a Fro. Zielt äis dach keng Märecher! Mir sollen virun eis Membere goen a soen: Sit rouheg! Sit brav! Et könnt nech eppes. Den Här Werner, den Här Thorn huet eis dat versprach! Mais ké Mönch kéft ons dat of! Mir mächen eis net lächerlech mat esou eidele a gratis Verspriechen! Entweder elo oder nie!

Dun sot de Werner, sie hätten näischt géint eng Démonstratioun. Mais si misst "digne" sin. An dun hätt e gare gehât, d'Enrôlés sollte sech berét erklären fir dem Heinemann eng Résolutioun ze iwerréchen. Hien géing dan derfir suergen, dass dat mat an de Programm géing agebaut gin.

J'W.: Dat könnt glât net a Fro! Ech sin eng Kéier mat bei den Erhardt gängen. An et stéht mer haut nach zum Hals eraus!

Du gouw et och nach Palawer iwert d'Responsabilitéit bei der Manifestatioun.

J.W.: Dir dröht se!

Werner: Nén, dir dröht se! Dir organiséiert!

J.W.: An dir provoziéiert d'Land!

De Werner ännert ké Jota méi^{uv} DdG-Gesetz, an e get och ké Gesetz méi eran an d'Chamber. E mecht iwerhâpt ké Gesetz méi! Mais en hätt net gären, wann dat dobaussen bekannt géiw gin. En hätt alles gemäch fir d'Enrôlés, fir d'Mütiléiert, all déi Ajustementer, d'Gläichstellung mat dénen anere d'Monument hätt en fir eis gebaut, den Service Social geschäfen. Je all seng perséinlech Mériter huet en opgezielt. De J.W. sot, duerfir wiren

d'Enrôlés hãm dankbar. A wann ^{ma} ons misst pensionéieren, da wir wir dat soss nãischt wéi eng absolut Moutwendegekét, well eis Gesondhét esou schlecht wir. Mais dat alles hätt guer nãischt mat der Unerkennung als Victimes patriotiques an als Nazi-Affer ze doen, an och nãischt mat der entspriécher Entschiédegung.

Wéi de J.W. hinne sot, d'Preise géiwen eis haut nach émol wéi d'anert als Preise betruachten an behandeln, dun huét de Werner an d'Flilleke geklappt wéi e Gëck. Dat wir dath alles läng erlédegt. Wou én nach haut mat esou Topechkéte komme könnt.

China a Polen hun nach hirhåle missen. D'Polen hätten och vill gelidden an nãischt kritt.

Dorop kruten se heftege Widersproch. Polen hätt eng komunistesch Diktatur, a wann d'Leit do schwätzen dürften, da géingen se et grad mache wéi mir. Do därf kén démonstréieren. An da wär och nuren de Brandt dohi gãng and net de Bundespräsident.

De Werner war net méi ze beschwichtegen. An d'Memberen stongen schon teschend Angel an Dir, wéi de Werner op de J.W. zougesprongen ass a geruff huét: "Géht et iech em d'Souen oder em d'E'er?"

J'W.: Et géht eis em Béides! Déi zwé sin net ze trennen!

Dat war d'Enn. Avoir!

De Benny Jacob mengt den Thorn hätt e bes'chen de Luussert an dèr Entrevue gespilt. Wéi Riéd op d'Bundesverdienstkräiz komm war, du sot den G. Thorn, de Werner hätt et jo scho läng virun him gehât.

Mais de Werner hât net wéi den Thorn versprach, et net unzehuelen bis dass d'Preisen him dé Problème vun den Enrôlés and'Reih gemãch hätten. Fraschte Ren wéss nach^{ge}berichten, dass den~~Thorn~~ Thorn nach déselwechten Owend bei senge Parteifrenn gesot hätt, hi wir awer och glât net mam Werner d'accord an hién könnt sofort eng Regierungskrise provoziieren. Mais dann hätt en nãischt geschafft.

Bei dèrselwechter Gelégenhét hätt den Thorn verlaude gelöss, de Werner hât hién no der Entrevue a sengem Büro vernannt, wéint dem Bundesverdienstkräiz.

Déi Entrevue hât bål zwou Stonne gedauert, vun halwer 4 bis 20 op 5.